

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 1. Juli 2021

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Kooperatiounsminister weiderzeleeden.

An engem Interview mam "Luxemburger Wort" vum 28. Juni 2021 mécht den Här Minister folgend Ausso iwwert d'Ziler vun der Entwécklungshëllef: "Wir verfolgen keine wirtschaftlichen Interessen". Am selwechten Interview gëtt den Här Minister folgendermoossen zitéiert: "Die luxemburgische Kooperation ist auch eine Form von Nation Branding". Vun der Lëtzebuerger Regierung goufen d'Ziler vum Nation Branding am Koalitiounsaccord vun 2013 folgendermoosse fixéiert: "Die Förderung Luxemburgs als Zielland ausländischer Investitionen, als Exportland und als touristisches, kulturelles und wirtschaftlich attraktives Ziel wird sich auf die Einführung eines Nation-Branding-Konzeptes stützen."

An deem Kontext hunn ech eng Rei Froen un den Här Kooperatiounsminister:

- 1) Den Här Minister behaupt, dass d'Kooperatioun och eng Aart Nation Branding ass. Wat fir Virdeeler huet deemno d'Entwécklungshëllef am Zesammenhank mat der "Förderung Luxemburgs als Zielland ausländischer Investitionen, als Exportland und als touristisches, kulturelles und wirtschaftlich attraktives Ziel"?
- 2) Den Här Minister seet engersäits, d'Kooperatiounspolitik hätt keng wirtschaftlech Ziler. Op der anerer Säit hieft hien d'Kooperatioun als Nation Branding ervir, woubäi Nation Branding jo awer kloer mat wirtschaftlechen Ziler fir eist Land verknäppt ass. Gesäit den Här Minister do kee Widdersproch?

Mat déiwem Respekt,



Fred Keup
Deputéierten

